1-2021-0-2-7118-01 (n° 3867)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 17. Mee 2022

Interpellation: quel futur pour la sécurité européenne ?
HA au sujet de la situation en Ukraine.

3

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- vill ukrainesch Studenten duerch de Krich hir Studien net méi an der Ukrain kënne viruféieren oder als Auslandsstudente mat krichsbedéngte Problemer konfrontéiert sinn;

ass sech bewosst, datt

- et an der aktueller Situatioun wichteg ass, och déi betraffen ukrainesch Studenten ze ënnerstëtzen;
- op der Universitéit Lëtzebuerg scho vill jonk Leit aus der Ukrain studéieren;
- d'Universitéit Lëtzebuerg scho vill Efforte gemaach huet, fir ukrainesch Studenten an dat akademescht Liewen ze integréieren;

fuerdert d'Regierung op,

- iwwer déi nächst zéng Joer all Joer Studenteboursse fir ukrainesch Staatsbierger anzeriichten, déi et jonke Leit erlaben, am Respekt vun hirer nationaler Legislatioun z.B. iwwert de Militärdéngscht, zu Lëtzebuerg ze wunnen, ze liewen an ze studéieren, wa si dat krichsbedéngt net kënnen an hirer Heemecht maachen.

Fernand Kartheiser

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742